N°4546
Entrée le 03.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme à la question parlementaire n°4546 du 28 juillet 2026 de l'honorable député Marc Goergen au sujet de la rupture de stock en carburants**

1. **Kann de Minister confirméieren, datt et aktuell op eenzelen Tankstellen zu Lëtzebuerg zu enger Rupture de stock beim Diesel komm ass?**

   Wéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 4498 beschriwwen, ass momentan den Niveau vum Waasser um Rhäin aussergewéinlech niddereg an doduerch ass d'Schëfffaart um Rhäin an op der Musel staark ageschränkt. Och de President vum GEML (Groupement Energies Mobilité Luxembourg) huet dëst rezent an der Press confirméiert a verséchert, datt et de Moment keng Enkpäss zu Lëtzebuerg gëtt, mee d'Liwwerkette vun den Importateure mussen ugepasst ginn, fir weiderhin hir Cliente mat Pëtrolsproduite beliwweren ze kënnen, déi virdrun deelweis iwwer d'Musel beliwwert gi sinn. An esou enger Situatioun, kann all Perturbatioun vun de Versuergungsweeër zu temporäre Rupturen, esouwuel beim Bensinn wéi och beim Diesel, op eenzelne Tankstelle féieren, ouni awer aktuell déi allgemeng Versuergungssécherheet vum Land a Gefor ze bréngen.

   Dës punktuell logistesch Phenomener sinn net nei, och wann se momentan wéinst der aussergewéinlech laanger Drécheperiod méi heefeg sinn. Am Kader vun hirem normale Geschäft ass et am Interêt, an an der Responsabilitéit, vun den eenzelnen Operateure fir dës Rupturen ze miniméieren.

   De Ministère suivéiert d'Situatioun an ass prett fir, am Fall vun eventuelle generaliséierte Versuergungsproblemer, Pëtrolsreserven op de Maart ze bréngen, wat awer de Moment net de Fall ass.

Luxembourg, le 03/08/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles